N°188
Entrée le 17.01.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 17.01.2024

PIRATEN
SENSIBILITĒ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 17/01/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Bildung, Kanner a Jugend weiderzeleeden.**

Fir de 17te Januar gouf eng Alerte rouge fir ganz Lëtzebuerg ausgeruff, well mat vill Glëtz a Schnéi gerechent gouf. Doropshi goufe vun der Cellule de crise eng ganz Rei Mesurë festgeluecht. Et gouf recommandéiert, dass all onnéideg Trajete sollen evitéiert ginn. Leit, déi d'Méiglechkeet hätten, fir iwwert den Teletravail ze schaffen, sollten dëst maachen. Zudeem sollten d'Coursen an de Schoulen am ganze Land ausfalen an an de Schoule just een Accueil mat dem dofir absolut noutwennege Minimum u Personal assuréiert ginn. An engem Social Media Post vum SEW gëtt sech awer doriwwer beschwéiert, dass verschidden Direktiounen sech net net un dës Consigne gehalen hätten. Si hätten: "net kommunizéiert a sech stuer un d'Circulaire Intempéries gehalen, déi eng 'Obligation de moyen de se rendre à l'école' fir all Léierpersoun dekretéiert". Domat hätten sech vill Persoune vum Léierpersonal onnéidegerweis missten deplacéieren.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Kann de Minister bestätegen, dass sech eng Rei vun den Direktiounen net un d'Consigne gehalen hunn, den Accueil an de Schoule mat dem absolut noutwennege Minimum u Personal ze assuréieren?

2. Gëtt et eng uniform Applikatioun vum Educatiounsministère, mat där d'Direktiounen/d'Léierpersonal mat den Elteren a Schüler:inne ka kommunizéieren a wéi leeft dat am Allgemengen of?

3. Firwat gouf fir de 17ten Januar net decidéiert, op de Cours à distance - wéi et e jo zu Zäite vun der Covid-19 Pandemie gouf - ëmzeklammen, fir esou net e ganzen Dag Schoul ze verléieren?

Mat déiwem Respekt,

POLIDORI Ben

Deputéierten

N°188
Entrée le 29.02.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 188 vum honorabelen Deputéierte Ben Polidori**

Um Moie vum Mëttwoch 17. Januar 2024 konnten all d'Schüler, déi trotz de schwierege Wiederconditiounen an d'Grondschoul gaang sinn, encadréiert ginn an et ass mir wichteg, den Acteuren aus de lokale Schoulcommunautéite Merci ze soe fir hiren Engagement, ouni deen den Accueil vun de Kanner an de Schoulen net méiglech gewiescht wier.

All Hierscht gëtt vum concernéierte Service aus mengem Ministère eng Instruction ministérielle verschéckt, déi déi generell Richtlinne festhält, wéi am Fall vun engem Ausfall vun de Coursen duerch meteorologesch Konditiounen oder ee Cas de force majeure ze reagéieren ass. D'Instructioun gesäit fir d'Enseignanten eng „*obligation de moyen*" fir, fir op d'Aarbechtsplaz ze goen. Dës Instructioun steet awer am Widdersproch zu de Recommandatiounen, déi vu Meteolux am Fall vun enger Alerte rouge ausgeschwat ginn, a vun der Cellule de crise iwwerholl goufen, fir all Deplacementer ze evitéieren, déi net dréngend noutwenneg sinn. Op der Basis vun dëse Recommandatiounen huet de Ministère um Owend vum 16. Januar un d'Direktioune kommuniquéiert.

De Ministère wäert zesumme mat de Schoulpartner déi entspriechend Circulaire upassen un dësen Zenario.

D'Kommunicatioun am Fall vun esou Cas-de-force-majeurë geschitt iwwert déi dofir virgesinnen Outilen a Kommunicatiounsweeër: *GovAlert* an d'Kommunicatioun vun der Cellule de crise. Den Educatiounsministère huet dës Informatiounen opgegraff an um Owend vum 16. Januar nach per Newsletter un alleguerten d'Elteren an d'Enseignanten diffuséiert.

D'Decisioun vun der Cellule de crise respektiv der Regierung ass am fréien Owend vum 16. Januar getraff ginn. Dee Moment war et ze spéit, fir en Enseignement à distance ënner materiell gudde Viraussetzungen ze organiséieren.

Lëtzebuerg, de 29. Februar 2024

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH